PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 24/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Am Dezember 2022 hate mir bei der deemoleger Regierung intervenéiert, nodeems Recherchen an engem Artikel op *Reporter.lu* erginn haten, dass *Russia Today* weider an Asien an Afrika gesent gëtt.

Et ass eis zougedroe ginn, dass Russia Today iwwert d'Lëtzebuerger Satellitefirma SES nach ëmmer iwwerdroe gëtt, zum Beispill an Indien.

Deemools sot de Premier- a Medieminister ewéi den Ausseminister:

> *"Zu kengem Ament gouf et en Zweifel um Wëllen vun der SES Sanktiounen ëmzesetzen. Den abléckleche Dialog mat der EU-Kommissioun soll hëllefen ze klären wéi d'EU-Sanktiounen an dëse spezifesche Fäll vun EU-Satellittebedreiwer sollen an enger koherenter an effikasser Aart a Weis ëmgesat gi. De Message, dass d'SES d'Sanktiounen wëllt a muss ëmsetzen ass kloer un déi Entitéiten, déi des Sender kennen ofschalten, kommunizéiert ginn. Och an dësem Kader sinn d'Regierung, d'SES an d'EU-Kommissioun am Kontakt, fir eng juristesch a politesch korrekt Léisung fir d'Emsetzen vun den Sanktiounen ze fannen." (QP n°7364)*

Eng Nott vun der Cellule scientifique vun der Chamber huet nach eemol ënnerstrach, dass Sanktioune géint Propaganda-Sendere rechtens sinn.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sent d'SES iwwert hir Clienten nach ëmmer indirekt Russia Today Senderen?
2. Wat ass am Dialog mat der EU-Kommissioun heizou festgehale ginn? Wéi soll d'SES d'Sanktiounen an dësem Fall ëmsetzen?
3. Wéi hunn déi betraffe Senderen/Clienten op d'Opfuerderung zum Ofschalte reagéiert?

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
| Deputéierten | Deputéierten |